N°9
Entrée le 06.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister Gilles Roth op d'parlamentaresch Fro n° 9 vum 8. November 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

De Staat lount keng Surfacë fir se ze reaffektéieren. Dozou kënnt, dass an de Locatiounskontrakter, déi de Staat ofschléisst, d'Proprietären sech och ëmmer dozou engagéiere mussen d'Surfacë konform zu den applikabele Reegelen an d'Lokatioun ze ginn *(« La Bailleresse confirme que l'utilisation prévue du bâtiment en vue de la location est conforme aux prescriptions en matière d'urbanisme de la Commune de XXX »).*

Wat Proprietéite vum Staat ugeet, bei deenen et zu Reaffaktiounen koum, handelt et sech ëm fréier Déngschtwunnengen. Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro 6026 explizéiert gouf, ass d'Majoritéit vun dësen Déngschtwunnengen iwwert déi leschte Joren a Sozialwunnengen ëmfunktionéiert ginn. Déi eenzeg Surfacen, déi net konnte fir Wunnzwecker reaffektéiert ginn, sinn déi Fläche bei deenen et net méiglech war se vun de Bürosflächen ofzetrennen.

Et gi keng Statistiken a Meterkaree vun de betraffenen Surfacen.

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2023

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth